

# De Panewippchen

N°103 2/2013

STÄERESCHNÄIZEN,  
D'HEEMELMAUS,  
DEM NEIMÄERDER SENG  
SPENNCHEN,  
DE VILLFROOSS MAULEF,  
D'SCHLËNGADDER ...

...  
ENG WËLT AUS  
PLASTIK ...

...  
SELWER-  
GEMAACHTEN ÄISTËI,  
BIEREKICHE VUN DE  
WIKINGER!



'natur musée' - 25, rue Münster -  
L-2160 Lëtzebuerg - Tel.: 462233 450

[www.naturmusee.lu](http://www.naturmusee.lu)  
[www.panda-club.lu](http://www.panda-club.lu)

De Panewippchen gëtt ënnerstëtzt:  
Ministère de la Culture - Musée national d'histoire naturelle -  
Ministère de la Famille et de l'Intégration - Service National de la Jeunesse -  
Ministère du Développement durable et des Infrastructures -  
Administration de la Nature et des Forêts - Administration de l'Environnement -  
Ministère de la Santé -  
Ministère de l'Intérieur et à la Grande Région, Administration de la gestion de l'eau -  
Ministère de l'Education nationale et de la Formation professionnelle



# WUPP NEWS

## Impressum:

### Redaktionscomité:

S. Backes, J. de la Gardelle, S. Goerens, C. Greisen, M. Grosbusch, M. Hagen, S. Hagen, C. Heidt, M. Hoffmann, M. Kirsch, M. Reichard, F. Theisen, M. Ursone.

### Texter:

J. de la Gardelle, M. Grosbusch, M. Hagen, S. Hagen, C. Heidt.

### Grafik an Illustratioun:

J. de la Gardelle, S. Goerens, M. Hagen, S. Hagen.

Fotoen: ©'naturmusée', DeeAnn Reeder, J. de la Gardelle.

## Dachs-Fledermaus entdeckt

Am Sudan, an Afrika, ass eng nei Fledermaus entdeckt ginn. Si ass schwarz-wäiss gefierft an dofir huet si den Numm




Dachs-Fledermaus kritt (fir Expären: *Numbaha superbus*). Leider ass nach näischt iwver d'Biologie (wou leeft si, wat frësst si) vun dëser Fledermaus bekannt. Do gëtt et also nach vill Aarbecht fir d'Fuerscher.



Fotos: DeeAnn Reeder, Bucknell University

## Opléisung Rätsel S.7



Aus dem 1. Ee krabbelt d'Julie aus dem 2. Ee klëmmt den Tom an aus dem 3. Ee kraucht de Pit.

# JULI-SEPTEMBER

## Fledermaus - Tollwut

Ufank Mee ass am Minett e Mann vun enger Breetfilleken-Fledermaus gebass ginn. Well dës Fledermaus Tollwut hat, ass de Mann direkt geimpft ginn, sou datt hien dës schlëmm Krankheet net kréie wäert.

An de leschte 40 Joer sinn a ganz Europa just 4 Mënsche vun enger Fledermaus gebass ginn an hunn och duerno d'Tollwut kritt. Et si keng Fäll bekannt, wou Fledermas aner Déiere gebass a si da mat der Tollwut ugestach hunn.

Eng Fledermaus, déi d'Tollwut huet, gëtt och net agressiv (si gräift also net un). Dofir brauchst du keng Angscht viru Fledermas ze hunn.

All d'Mamendéieren (Hond, Kaz, Mënsch ...) kënnen d'Tollwut kréien, wa si vun engem kranken Déier gebass oder geleckt ginn an dëse Spaut dann an eng Wonn oder de Mond kënn. Responsabel fir d'Krankheet ass e Virus (Mini-Mikrob), deen am Blut bis an d'Gehir wandert. Unzeeche fir Tollwut sinn: héich Féiwer, Problemer mam Ofschlécken, Angscht oder Agressivitéit, Schaum (=Spaut, deen net ofgeschléckt ka ginn) virum Mond, Lähmungen. Soubal de Virus am Gehir ukomm



ass, stierft dee Betraffenen. Mä well de Virus awer lues ënnerwee ass, kënnen d'Leit gerett ginn, wa si ganz séier geimpft ginn, nodeems si vun engem Déier mat Tollwut gebass gi sinn.


Bei der Tollwut ënnerscheed een tëschent e puer Sorten: Wëlchtollwut (Fuuss, Marder) a Fledermaustollwut, déi vu verschidde Virusen iwverdroe ginn. Och wann déi éischt Zort bei ons verschwonn ass, solls du dës Reegel anhalen: keng wëll Déieren upaken (Fuuss, Marder, Réi, Fledermaus ...). Och Déieren, déi d'Tollwut net hunn, kënnen bïssen. Dofir ass et am beschten, blesséiert Déieren nëmme mat Händschen unzepaken.



## Panda Familjefest

### E Sonndeg, de 15. September 2013

De ganzen Nomëtteg iwver masseg Atelierer a Spiller fir Kanner iwvert d'Natur, de Weltall, d'Déieren an d'Planzen. Porte ouverte am "natur musée". Fir lëssen an Drénken ass beschtens gesuergt.



Vu 14.00 bis 18.00 Auer an der Rue Münster am Gronn.



# OPGEPICKTE MAIS?


GÛSCHTER ASS DÛESE BRÛEF AN  
ONSER BRÛEFKÛSCHT GELAND:

ONSE REPORTER SHERLOCK PANEWUPP HUET SECH DIREKT OP DE WEE GEMAACH FIR  
DAT SCHLÛMMT VERBRIECHEN OPZEKLÛEREN.

Moie Panewippchen,

E Mäerder huet meng  
Frëndin Ketty ëmbruecht  
an an enger Schléiwenheck  
opgepickt. Ech traue mech  
net méi aus mengem Mauslach  
eraus, well ech dem  
grausame Killer net  
begéine wëll.

Micky




D'MICKY HAT  
WIERKLECH RECHT,  
HEI HÄNKT SENG  
FRÛNDIN. AN DONIEFT  
EN DÛECKE KIEWERLEK!




BLEIF VU  
MÛNGER SPÛNNCHEN  
EWECH, SOSS HÄNKS  
DU GLAICH OCH  
DRAN.

DU BASS BESTÛMMT  
DEN NEIMÄERDER. SO  
SCHUMMS DU DECH NET, FIR  
ESOU GRAUSAM ZE SINN AN  
DÛEREN OPZESPIESSEN?



FIR MÄIN TOPEGEN NUMM KANN  
ECH NET, DEEN HUNN ECH VUN  
DE MÛNSCHE KRITT. AN ECH SINN  
OCH GUER KEE GEFÛIERLECHE  
KILLER. DÛI PUER DÛEREN A  
MÛNGER SPÛNNCHE SI MÛNG  
RESERVE, WA SCHLECHT ZÄITE  
KOMMEN. AN DÛI STI SCHONNS  
VIRUN DER DIR.

FIR WAT? DU  
SCHÛNGS JO GENUCH  
IESSEN ZE FANNEN.



MÄ WÛI LAANG NACH? KUCK MOL, WAT DOHANNE GESCHITT;  
AUS DE FELDWEÛER GI STROOSSE GEMAACH AN D'HECKEN AN  
D'UEBSTBEEM GINN EWECHGEMAACH, SOU DATT ECH KÛNG  
PLAZ MÛI FANNE FIR MÄIN NASCHT ZE BAUEN. AN D'HÄLSCHENT  
VUN DE WISEN, WOU DAT LESCHT JOER NACH KÛI STOUNGEN,  
GINN ELO ALS MAISFELDER GENOTZT, WOU MASSEG GÛFT  
GESPRÛTZT GÛTT. DOMAT GÛTT MÄIN IESSE VERGÛFT ODER  
DOUT GEMAACH. AN ECH MUSS DANN ERHÛNGEREN.




WAT STEET  
DANN AUSSER MAIS  
A KIEWERLEKEN OP  
DÛNGEM MENU?

ANER INSEKTEN  
AN HEIANDSDO  
OCH VULLEN.




OOOOOH!!!

HIHIHI!!



MMMMPF

NIAM!




Neimäerder, *Lanius collurio*

Foto: Kaepth Chemnitz

Neuntöter, Pie-grièche écorcheur, Red-backed Shrike  
Esou grouss wÛi e Spatz  
Gewicht: 30g  
Huet esou en ähnelche Schniewel wÛi e Gräifvull  
(Bussar a Co).  
Ass bei ons rar ginn (duerch d'Zerstöierung vun  
Hecken an Uebstbeem an d'SprÛetze vu GÛtfer)



# OH HEEMELMAUS



Moien!  
Ech sinn d'Heemelmaus  
a kommen aus der Famill vun de  
Grillen. Mir kommen aus Nordafrika  
a si vun de Mënschen ongewollt a  
Mëtteleuropa ageschleeft  
ginn.

Mir  
sinn nuets ënnerwee an  
hunn et gär waarm. Dofir si mir hei  
am léifsten an Haiser oder dobaussen  
op Dreckstippen, Kompostkéip a  
Mëschtkaulen.

Fréier  
hu si sech gär a  
Bäckereie beim waarme  
Bakewen opgehal.

Op  
eisem Menu sti Kären,  
Brout, lessensreschter an doudeg  
a lieweg Insekten. Jo, och alt eis  
eegen Zort.

A si  
si liewegt Fudder  
fir Reptilien.



*Heemelmaus*  
*Acheta domestica*  
*Heimchen, Hausgrille*  
*grillon domestique*  
*house cricket*



Foto: Geysberg, Prof. em. Hans Schneider

Rouer fir d'Eeër ze leeën

Foto: Sean Wallace



Heemelmaisercher loosse  
sech e Stéck Wuerzel  
schmaachen



Fréier hunn d'Heemelmaus nuets  
dacks genervt! Wann de Männchen e  
Weibchen ulackele wëll, da reift en  
d' Borde vu senge viischte Fllilleke  
laangschteneen. A wann da vill  
Männercher an engem Haus gewunnt  
hunn, da war dat ee Gezirps ...!



Flilleken



D'Heemelmaus ass zënter dem 19.  
Joerhonnert d'Maskottche vun der  
lechtenacher Fuesend. Schon  
1870 ass et owes nom Ëmzuch vu  
Fuesdenschdeg en «Hämelmeishuppen»  
(Heemelmaushopsen) a Galauniform  
ginn.



Meng  
Fra leet eng  
Dausend Eeër (0.3x2,3mm)  
op fiicht Plazen.

No  
1 Woch-3 Méint  
klammen d'Larven aus  
den Eeër. No 1-8 Méint ginn  
d'Larven Erwuessener.

1960  
gouf et dat sympathescht  
Hausdierchen nach heefeg a  
Wunnengen, well et do vill Splécken a Verstoppe  
gouf an Dreckstippen a Mëschtkaulen ronderëm.  
Haut si si bei eis seelen, et fënnt ee si  
nach op Kompostkéip.

1873 huet de Jos Speck déi éischt vun  
dräi Strophe vum »Hämelmaoûsleid«  
geschriwwen. 1884 koumen der nach  
méi derbäi. D'Heemelmauslied war dat  
beléifstent Fuesendlied.



D'American Football Equip vun  
lechtenach heescht «Echternacher  
Heemelmaus Hunters»

*D'sef Rën, d'sef Schni, d'sef Däg, d'sef Nöacht,*  
*Dat ass dir alles Worscht;*  
*Dou gü's am Summer 'wi am Winter,*  
*Esu ganz pommadisch, òne Lanter,*  
*Spazieren mat dem Hämelsgöt.*






# Aisléi-Minibar




verschidden Zorte Friichtentéi



gutt staark opgeschottenen Téi



verschidden Zorten Uebst



verschidden Zorte Kraider

## Fir 4 duuschtereg Kanner:

- 1,5 Liter kalen **Téi**
- 1 Schosel ganz kleng geschniddent **Uebst** (+/- 2 Hänn voll)
- 1 Fläsch Uebst**sirup**
- 1 Fläsch richteg spruddelegt Waasser
- 1 Schosel Äiswierfel (min. 12 Wierfelen)
- e puer Blieder frësche **Peffermënz**
- 4 grous Glieser
- 4 Lämmele mat engem laange Still
- 4 Stréihällem



Stell 4 Glieser nienteneen a maach dann an all Glas

- 1 lessläffel geschniddent **Uebst**
- 1-2 lessläffele **Sirup**
- 3 Äiswierfelen
- E puer Blieder **Peffermënz**
- 1 gudde Schotz Spruddelewaasser

Da méchs de all Glas mam **Téi** bis uewenhinner voll a méchs e Stréihällem an e Lämmele dran.

**Chin Chin** loosst iech et gutt schmaachen!



Fir den **Téi** geet all Friichtentéi: rouden, gielen, Hibiskus, Äppel ... oder och Roibuschtéi. Wichtig: Maach den Téi gutt staark, well wann e kal ass, huet e manner Goût!

Als **Sirup** geet all Uebstsirup. Lecker Zitroun a fir d Faarf natierlech Peffermënz oder Grenadine.

Beim **Uebst** hëls de am beschte séisst, mëllt Uebst, wéi z.B. Meloun, Pij oder Äerbier.

Amplaz vu **Peffermënz** kanns de och Zitrounemelisse oder Basilikumblieder huelen. D'Blieder net kleng schneiden, well dat drénkt sech duerno schlecht!

Faarweg **Äiswierfele** kriss de andeems de Uebstjus afréiers. Flott gesäit Orangejus aus, manner faarweg, mee superlecker ass Äppeljus!



Hielennerféi mat Hambiersirup, Äerbier- an Hambierstécker an Zitrounemelisse.

Hibiscustéi mat Zitrounesirup, Pijestécker a Peffermënz.







experimentéieren



bastelen



hachen a brachen



# Kniwwel



## Jickespill

Schonn am Ale Roum ass mat Jicken (Murmeln, jeu de bille) aus Marber gespillt ginn. An Däitschland, Frankräich, England an Tschechien gëtt et all Joer Meeschterschaften a verschiddenen Disziplinen vum Jickespill. Probéier mol, et mécht Spaass an du kanns ëmmer rëm nei Jickespiller erfannen.



### Schéissen

Buddelt e Lach (sou grouss wéi eng Fauscht) an de Sand an zitt mam Finger e grouse Rondel an de Sand ronderëm d'Lach. Vun deeër Linn aus schéisst jiddfer Spiller der Rei no 3 Jicken sou no wéi méiglech bei oder an d'Lach. Dono probéiert een nom aneren seng Jicke mat de Finger an d'Lach ze dicksen. Deen, deen eng Jick am Lach huet oder deem seng Jick am notste beim Lach läit, fänkt un. Deen éischten, deen all seng Jicken am Lach huet, ass gewonnen.




### Jicke Koup

All Spiller leet eng Jick op de Sand op e Koup. Dono stellt ee Spiller nom anere sech nieft de Koup a probéiert eng Jick aus Aenhéicht op de Koup falen ze loossen. Wann eng Jick aus dem Koup erausflitt, gehéiert se deem, dee geschoss huet. Wa keng Jick erausflitt, bleift deem Spiller seng Jick um Koup leien an et ass un deem nächsten. Gewonn ass deen, dee wann de Koup verschwonn ass, déi meeschte Jicken huet.



### Ticken

Eng déck Jick gëtt op de Buedem geluet. Ee Spiller nom anere probéiert seng 3 (oder méi) Jicken am notste bäi ze dicksen. Dobäi kann een och engem anere seng Jick ewech dicksen. Gewonn ass deen, deen (nodeem all Jicke geschoss sinn) eng vu senger Jicken am notste bei der décker Jick leien huet. Dee krift vun all Spiller eng Jick.



### Rennen

Baut e coole Parcours an de Sand (mat Bunnan, Kaulen, Hiwwelen, ...). Jiddfer Spiller leet eng Bull un den Ufank vum Parcours a probéiert se mam Finger an d'Ziel ze dicksen. Jiddfereen dāerf ëmmer eemol dicksen, dann ass et un deem nächsten. Ween als éischten am Ziel ukomm ass, huet gewonnen.



## Clafoutis

3 Tassen Uebst vun der Saison

1 1/4 Taass Mëllech

3 Eeër

1/2 Taass Miel

1 Téiläffel Vanilleessenz

1/2 Téiläffel Salz

2/3 Taass Zucker

Hëtze de Schäffchen op 170°



Botz a wäsch d'Uebst (a schneid et a Stécker wann néideg)



Verréier d'Mëllech, den Zucker, d'Eeër, de Vanillezocker, d'Salz an d'Miel guitt mateneen

Am Summer Kiischten (ouni Kären), Hambier, Äerdbier, Kréischelen ... Am Wanter Äppel a Biren, Nëss a Kanéil amplaz Vanille.

Verdeel d'Uebst an enger feierfester Schossel



Schëdd d'Zooss iwwert d'Uebst



Bak de Clafoutis 45 bis 60 Minutte laang, bis e schéi brong ass







# Saiten




## Tentefesch aus Woll

Du brauchst:  
e Buch



Wollreschter

eng Scheier



Wéckel d'Woll 96 mol  
ronderëm d'Buch.



Zéi e Stéck Woll ënnert  
de Fiedem duerch a bann  
et uewen zesummen.



Schneid d'Fiedem ënnen  
duerch.



Stiech uewen e Bläistëft  
derduerch a bann ënnert  
dem Bläistëft mat engem  
Fuedem fest zou.



Bann mat engem anere  
Fuedem e Stéck méi  
ënnen zou, dat gëtt de  
Kapp vum Octopus.




Deel deng Fiedem an  
8 Sträng (dat sinn dem  
Octopus seng Äerm) an  
all Strang an 3.



Mat deenen 3 Wutze  
flechts du eng Trëtz.  
Maach dat mat all Aarm  
sou.




Schneid d'Fiedem uewen  
duerch an huel de  
Bläistëft ewech.



Wat deng Woll méi déck an d'äi Buch méi héich ass,  
wat d'äin Octopus méi grouss gëtt.  
Du kanns dem Octopus nach Aen opoepen.

Aus wéi engem Ee gëtt wéi eng Heemelmäus?





# De M

Maulwurf, taupe,

de Maulefskoup

10-40cm

30-60cm


20cm Duerchm

nach eng Spännchen

meng Wunnkummer

meng Naschkummer


50m <-- mäi Juegdgebitt





# maulwurf

mole, talpa europaea.



māin Tunnelbau

Beläftung

meng Spännchen

mäi Juegdgebitt --> 50m

ech bueren en neien Tunnel

meng Waasserreserve

niesser  
dat huet geschmaacht!

hunn ech dech!!




# De Maulef

verfroossene



Dem Maulef säi Kierper huet d'Form vun enger Walz. En ass 10-15 cm laang mat engem kuerze Schwanz. U sengem Schwänzche si kleng **Taaschhoer**, dofir kann hie grad sou guff hannerzeg lafe wéi vijenzeg.



Maulef Frupsmaschinn

Um Menu sti Wiern, Raupen, Schleeken, Grillen ...



Hie frësst all Dag souvill wéi säi Kierpergewicht! *Stell der mol vir, wéivill s du da misst an engem Dag iessen!*



Hien huet dacks 2 kg Reewiern a senger Spënnchen als Reserve (ongeféier 1000 Stéck!) Hie bäisst an d'Bewegungsnerve vum Wuerm, dann ass dee gelähmt a kann net méi fortkrauchen.

Hie frësst a puupt esouvill, dat hien Entlüftungsschachte baue muss, soss géif en erstécken. De Maulef schléift ni laang an hält kee Wanterschlof, well en ëmmer rëm séier hongereg ass, hie geet all 4-5 Stonnen op d'Juegd.


Seng **Quere** sinn am Pelz verstoppt, heen héiert guff a spiert Erschütterungen.

Seng **Schnëss** gesäit aus wéi e kuerze Rüssel.

De Maulef huet schlecht **Aen**, déi och mol mat Haut iwuerwuess sinn. Hie gesäit just hell an däischer.

Säi Pelz ass groelzeg, ganz dicht, kuerz a wéi Samett. En huet kee Stréch, dat heescht, e léist sech an 2 Richtunge kënnen. Fréier goufen aus dem Maulefspelz Zylinderen a Mantelcole gemaach.

Maulef Bueremaschinn



Dem Maulef säi ganze Kierper ass wéi e Buerer. Seng viischt Patte si staark Grueschëppen an hu schaarf Krallen. Hänn an Äerm schaffen ëmmer kuerz virum Kapp an hie mécht eng Zort Schwambbewegung. Hie grueft 7 Meter an der Stonn a ka 4 Kilometer an der Stonn lafen.


Dem Maulef seng Kanner



Männchen a Weibche liewen nëmme kuerz Zäit zesummen. 1 x am Joer, am Mee oder Juni kritt d'Weibchen 4-6 plakeg, rosa Klenger a senger Naschkummer, déi mat Blieder, Hee asw. ausgepolstert ass. Si entwéckle sech ganz séier. No 5 Woche verlosse si schonn d'Naschkummer vun der Mamm.

Mat enger Hand lackert hien de Buedem, mat der anerer dréckt hien een Deel fest a beweegt

sech wéi eng Bueremaschinn dréinend no vir. Wa sech zevill Buedem ugesammelt huet, mécht hien e kuerze Gang no uewen an dréckt de Buedem eraus, dat ass dann e Maulefskoup. (dëse Buedem ass schéi labber a mir kënnen e guff gebrauchen, fir eppes anzeplanzen). De Buedem gétt durch d'Kierperdréiung festgewalzt. Beim Gruewe si seng Hänn no bause gedréint.



**De Maulef frësst keng Zalot a kee Geméis, hien ass e renger Fleischfrësser!**

De Gäertner ass awer net frou mat him, wéinst de Maulefskéip an der Wiss.

**De Maulef steet ënner Naturschutz an ass ganz nätzlech, well hien de Buedem oplackert, durchleefft an och Schädlinge frësst.**

De Maulef huet 44 Zänn, wéivill hues du der?




Hie richt säin lessen op 5 cm duerch de Buedem. 3-4 x pro Dag kontrolléiert hie säi ganz Juegdgebitt.

Hie leet Waasserlächer un, déif Schächt, wou sech d'Buedemfichtegkeet sammelt, well hie muss vill drénken.


De Maulef steet um Menu vum Hermelin, Bussard, Kueb, Fuuss, Wisel ...

A wéi ass heen dann esou?



De Maulef ass en Einzelgänger, dee sech net grad freet, wann en engem anere begéint. Wann e Maulef an d'Gäng vun engem aneren andréngt, ginn déi 2 openee lass, zirpen, maulen, bäissen a këmpfen, bis een opgëtt a fortleeft oder dobäi stierft. Jonk Maulefe sinn awer méi friddlech a spillen och mol mateneen.






# Schlaangefuerscher



Fir deng Schlaangen-Expeditioun braucht du fest Schong, eng Sonnekap, Schaffhändschen an natierlech gutt Wieder. Well d'Kierpertemperatur vun de Schlaange vun der Temperatur dobaussen ofhänkt, sinn dës Déiere just bei waarmen Temperature richteg aktiv.



Op dréchene Plazen, wou net vill wüsst an déck Steng leie fir sech ze verstoppen (Bëschränd, Steebroch a Wéngerten), ass d'Adder doheem. Eng gutt Plaz fir dës Schlaang ze fannen, sinn déi al Minièren (Haard bei Diddeleng, Léiffraechen bei Kayl), mä si ass awer bal am ganze Land ze gesinn.



D'Adder ka 60-80 cm laang ginn an huet donkel Flecken op dem bronge Kierper. Si gëtt dacks mat der Kräizotter verwiesselt, déi et awer net zu Lëtzebuerg gëtt. Fir déi 2 Schlaangen ze ënnerscheiden, muss du hinnen an d'Aen kucken: d'Adder huet ronn Pupillen an d'Kräizotter huet senkrecht Pupillen.

D'Adder beweegt sech ganz lues an iwwerrascht Eidechsen, Blannschlécher a Mais, déi si erwiergt ier si se ësst (däitschen Numm Schlingnatter).

Um Enn vum Summer komme lieweg kleng Schlaangen op d'Welt, déi sech bei der Gebuert ganz séier aus der dënner Haut, déi ronderëm si ass, befreien (Addere leeën also keng Eeër).

Opgepasst! Eng Adder, déi sech ugegraff fillt, bäisst ganz séier (gutt, datt s du Schaffhändschen ugedo hues). Mä keng Angscht, si ass net gëfeg. Hei zu Lëtzebuerg stinn iwwregens all Schlaangen ënner Naturschutz: si dierfen also net gefaang oder dout gemaach ginn.



Zu Lëtzebuerg ginn et just 2 Schlaangen: d'Heckenéil (=Ringelnatter) op fichte Plazen an d'Adder (=Glattnatter, couleuvre lisse, smooth snake, *Coronella austriaca*). D'Adder ass d'Schlaang vum Joer 2013 an Däitschland an zu Lëtzebuerg.



**Kuck mech an d'Guckelcher!**

Wann deng Guckelcher ronn sinn, bass du eng Adder. Wann s du awer senkrecht Pupillen hues, da bass du eng Kräizotter an da bleiwen ech wäit vun dir ewech!







# Wikingerkichen



Am Summer si mir all an de Bëscher ënnerwee fir Bieren ze plécken! A moies, mëttes an owes hu mer da Molbier oder aner Bieren z'iessen! Miam, miam!



Biere gëtt et och bei eis an de Bëscher

1. Pléck nëmmen déi Bieren, déi s de kenns, well et gëtt och gëfteg Sorten.
2. Sammel op Plazen, déi propper sinn (net bei enger Strooss, net do wou Muppen op d'Toilette ginn) a wäsch d'Bieren iers de se ëss.
3. Hecke sinn oft pickeg, dofir do eng laang Box, eppes mat laangen Äerm an zoue Schong un. Sou schütz de dech an engems virun Zecken a Moustiquen.
4. Wéi et mam Fuussebandwuerm ass, lies de op der nächster Säit. Bieren hunn iwwregens immens vill Vitamin C!

D'Wikinger haten eng ganz einfach Kiche mat wéineg Ofwiesslung. Si hunn dachs nëmme Käerenbräier mat salzege Mëllechprodukter giess. Hiert Brout gouf a Panen um Feier gebak a wor oft zielmech haart. Fir ze séissen hate si nëmmen Hunneg, Zocker hu si nach net kannt. Soss stoung nach gekachtent Geméis um Menü a natierlech Fësch. Fleesch net dachs, virun allem Schwäin an dat, wat an hire Fale war.

Hei nach e Wikingemenu fir um Lagerfeier



## Brout um Bengel

(Stockbrot)

fir 4 Wikinger  
400 g Weess- oder Roggemiel, 1 Pak Dréchenhief, 2 TL Salz, 2 EL Ueleg,  
300 ml wootlegt Waasser, e proppere Bengel aus dem Bësch

1. An enger Schosel Miel mat Salz an der Hief gutt mëschen.
2. Dat wootlegt Waasser an den Ueleg dropschëdden a sou laang knieden, bis de e glaten Deeg hues.
3. Aus dem Deeg eng Bull maachen, an d'Schosel leeën a mat engem Duch zoudecken. Eng Stonn goe loossen.
4. Miel deng Hänn, huel der eng Hand voll Deeg a maach eng Strull draus.
5. Wéckel se ëm e Bengel an hal se bei d'Feier, net méi no wéi 20 cm, soss verbrennt den Deeg. Dréi däi Brout bis et gutt ass.



© Superbass / CC-BY-SA-3.0 (via Wikimedia Commons)

## Fësch mat Wakelterbotter

fir 4 Wikinger  
4 grous Tranche Saumon  
100 g Botter  
6-8 zerdréckte Wakelterkäeren (Wacholderbeeren, baies de genièvre)  
eng Hand voll Bratzel a Péiterséileg oder aner frësch Kraider  
1 TL Salz

1. D'Wakelterkäeren mat engem Steen zerdrécken.
2. De mëlle Botter mat de Wakelterkäeren, der Bratzel, dem Péiterséileg an dem Salz mëschen.
3. De Fësch iwwert dem Feier, um Grill oder an der Pan broden an op den Teller maachen. En décke Löffel Botter op de gliddege Fësch maachen.



## Bierendessert



- fir 4 Wikinger  
500 g Joghurt oder Brach  
4 EL Sauerram  
1-2 EL Zocker oder Hunneg  
2 Hänn voll Bieren, frësch gepléckt a gewäsch
1. Alles ausser de Biere gutt matenee vermëschen.
  2. D'Bieren drënnermëschen.
  3. A 4 Glieser oder klenge Schosselen zervéieren.

12



# Kann ee mat Bieren de Fuussbandwuerm kréien?

Ech  
liewen am  
Daarm vum Fuuss, hei  
fillen ech mech wuel an  
hei fannen ech mäin  
lessen.



De Fuussbandwuerm ass e Parasit\* a  
gëtt 2-4 mm grouss.



Kann  
ech och de  
Fuussbandwuerm  
kréien?



Fir datt de Fuussbandwuerm vun  
engem Fuuss zum anere kënnt, brauch  
hien en Zwëschewiert. Mam Hambier  
kommen d'Eeër an d'Maus. An der Maus  
entwéckele sech aus den Eeër Larven,  
déi da liewenswichtig Organer befallen,  
z.B. d'Liewer.

1/3  
vun eis si vum  
Fuussbandwuerm  
befall. Di meescht vun eis  
mierke mol net, datt an  
eisem Daarm ee mat  
ësst.



De Fuuss ass dem Fuussbandwuerm  
säi Wiert.

Wa  
mir bis  
Bandwuerm-larven hunn, si mir  
ganz vill krank. Fir Fiiss, Muppen  
a Kazen ass et dann einfach eis ze  
fänken fir ze friessen. A wa si eis  
friessen, da friesse si natierlech  
d'Wuerm-larve mat.



De Mënsch ësst keng Mais  
mat Wuerm-larven, dofir  
kann hien och kee  
Fuussbandwuerm  
kréien. Mee, de  
Mënsch ka  
Wuerm-eeër  
zou sech huelen,  
an dann, wéi  
d'Maus, ganz vill  
krank ginn, wa  
sech dann  
d'Larven a  
sengen Organer

entwéckelen. Dat kënnt awer seele vir,  
an zu Lëtzebuerg si keng Fäll bekannt,  
wou dat geschitt ass.  
De Mënsch kritt déi Eeër virun  
allem iwwert seng Hausdéieren, déi  
Wuerm-eeër um Pelz pechen hunn oder  
ganz seelen iwwert Uebst a Geméis,  
wat a Kontakt mat infizéiertem Fuusse-,  
Muppen- oder Kazekaka war.

Mmmh,  
Mais sinn ze vill gutt,  
mat oder ouni Wuerm-larven. Aus  
de Larven, entwéckele sech dann a  
mengem Daarm nei Fuussbandwuerm.  
Och wa se Fuussbandwuerm heeschen,  
ass et hinnen egal, ob se an enger  
Kaz, engem Fuuss oder engem  
Mupp wunnen.



Fir net a Kontakt mat  
Fuussbandwuerm-eeër ze  
kommen, soll een ëmmer  
1. Reegelméisseg seng  
Hënn a Kazen  
entwuermen!  
2. Virum lessen  
d'Fanger wäshen.  
Virum allem no Kontakt mat Hausdéieren.  
3. All Uebst a Geméis aus Gaart, Feld  
a Bësch gutt wäshen ier een et ësst  
(Champignonen net wäshen, mee  
botzen). Besonnesch dat, wat no beim  
Buedem wiisst oder do louch.  
4. Wann een d'Saache kacht, besteet  
keng Gefor, well d'Eeër stierwen of bei  
iwwer 60 Grad. Mee opgepasst, den  
Tiefkühler iwwerliewe se, si gi réischt futti  
bei -80 Grad.



Am Kaka vum befallene Fuuss kënne  
Bandwuerm-eeër sinn. Ee Wuerm leet bis  
zu 200 Eeër pro Dag.

\* E Parasit ass e Liewewiesen, wat op oder an engem anere Liewewiese leeft, well et do eppes ze friesse fënnt. De Parasit kann  
deem Liewewiesen, vun deem e leeft (deen nennt een och Wiert) méi oder manner schueden. Parasiten, déi de Mënsch befall  
kënnen, sinn z.B. d'Laus, d'Moustique, d'Zeck oder de Bandwuerm.




## Wat ass Plastik?

Plastik ass praktesch, bëlleg ze produzéieren an hält laang. De Grondstoff fir Plastik hirzestellen ass Äerdueleg. Dem Äerdueleg seng Grondbausteng ginn nei zesummegeat an da kommen nach eng ganz Rei Chemikalien derbäi.




All Joer ginn op der Welt iwwer 200 Milliounen Tonne Plastik gemaach. De Regisseur Werner Boote huet a sengem Film «Plastic Planet» gesot, datt ee mat all deem Plastik, dee bis elo gemaach gouf, d'Welt 6x kéint mat Plastikfolie apaken.




## Problem Plastik

Plastik hält bal éiweg. Dee Plastik, deen ewech gehäit gëtt, brauch Joerhonnerte fir sech ze zersetzen.



All Joer ginn 30 Milliarde Plastikfläschchen a 600 Milliarde Plastikstuten ewech gehäit.



Eng Plastikfläsch brauch 450 Joer an eng Plastikstut 100-500 Joer fir sech ze zersetzen.

## Wat geschitt mam Plastik, deen net méi gebraucht gëtt?

Den Hond aus dem Nopeschgaart hat Plastik gefriess. Dee Plastik huet missen aus sengem Mo erausoperéiert ginn, soss wär de Mupp gestuerwen!

Vill Plastik gëtt einfach dobaussen ewech gehäit.

Tuten, Fläschchen, Lofftbäll ... leie laanscht d'Strooss, hänken an de Beem. Dat ka fir d'Déiere geféierlech ginn.



Anere Plastik land an der Dreckskëscht a geet op den Dreckstipp, a bleibt do ganz laang leien, well e sech net guut zersetzt.

E klengen Deel Plastikoffall geet an de Recycling an dorauer ginn nei Produkter.

Dee gréissten Deel vum Plastikoffall land am Mier.

E klengen Deel dovu gëtt ugeschwemmt, mee dee meeschte bleibt an de Mierer (Tuten, Fläschchen, Seeler a Fëschernetzer aus Nylon, Zännbiischen, Deckelen, Brickets ...) an dreift zum Deel wéi Plastikinselen um Waasser.

Deeler vum Plastikoffall am Mier ginn duerch Stréimung, Steng a Sand a Minideelercher zerriwwen, déi méi kleng wéi e Sandkär sinn.





# aus Plastik

# Ech man eppes

## Dat Wichtigst: Déi 3 R

Sou mann wéi méiglech Plastik kafen.

Tuten, Becheren, Fläschen e puer mol benotzen.

Dee Plastik, deen net méi ze gebrauchen ass, an de Recycling droen.

Reduzéieren

Rëmbenotzen

Recycléieren

Probéieren




Wann ech al sinn, wëll ech e schicke Fleece ginn!



## Recycléieren

Recycléieren (de Plastik vum aneren Offall trennen an op der richteger Plaz ofginn) ass gutt, brauch awer vill Energie an ass deier.


Wann s du mat denger Mamm akafe gees, probéier wat dir vun der Akaafslëscht ouni Plastik kafe kënt.



De Plastik gëtt gesënnert, gebotzt an a kleng Stéckercher zerdeelt.

D'Stéckercher gi geschmolt, gefiltert an zu Pellets gemaach.

Doraus ginn nei Produkter gemaach, wéi z.B. Fleecepulloveren, Plastiksmiwvelen, Ökotuten ...



gutt	vermeiden

Dat kascht all Joer 10.000 vu Mieresdéieren d'Liewen.




Plastikoffall ugeschwemmt op der Plage

Si verfänke sech am Plastik (Robben, Pinguinen, Vullen, Fësch ...) dee ronderëm schwëmmt.



Si friesse Plastik, hunn de Bauch voll an dofir keen Honger. Si kréien awer keng Nährwerter an hir Verdauung funktionéiert net méi, doduerch gi se schwach an erhéngeren.

Kriibsen, Fësch, Muschelen ... friessen déi Minideelercher a gi krank. Mat de Muschelen, Krevetten a Fësch landen déi gëfteg Minideelercher och op eisem Teller.





# Stäreschnäize-Festival

Jupiter

Mars

Meteorid

Meteorstrom

Stäreschnäiz (Meteor)

Atmosphär

Meteorit

Äerd

Elo ass et nees gläich esouwäit. Am Summer a méi genee Mëtt August zitt de Perseide-Meteorstrom nees laanscht an dat bedeit näischt anescht wéi eng flott Geleeënheet fir nuets e Stäreschnäize-Festival ze gesinn.

## Wat ass dann eigentlech eng Stäreschnäiz ?

Am Weltall ginn et niewent Stären, Planéiten, Zwergplanéiten, Asteroiden a Koméiten och nach kleng Himmelskierper, déi Meteoride genannt ginn. Dëst si Grimmelen aus Steen oder Eisen, déi a grouse Meteorstréim tëscht de Planéiten hier Bünnen zéien. De Meteoriden hier Gréisst variéiert tëscht Stëbskär bis e puer Meter am Duerchmesser.

Wann d'Äerd op hirer Ëmlafbunn ronderëm d'Sonn esou e Meteorstrom begéint, ginn eng sëllege Meteoride vun der Äerd ugezunn. Si flitzen da mat enger geckeger Vitesse op ons Äerd zou, ginn awer vun der Äerdatmosfera fatzeg ofgebremst. Dobäi entsteet eng terribel Hëtzt an onse Meteorit vergléit a liicht dobäi op. Dëst Oplichte gesi mir vum Buedem aus als Stäreschnäiz. Iwwregens nennt den Astronom, dat ass de Wëssenschaffler dee sech mat de Stären an dem Weltall beschäftegt, eng Stäreschnäiz Meteor.

Et kann awer eemol virkommen, dat de Meteorid duerch d'Äerdatmosfera duerchjauwt an net ganz vergléit. Da schléit hie matt vill Wuppes op der Äerd an. Dat nennt een dann e Meteorit. De 15. Februar 2013 ass esou e Meteorit iwwer Russland néiergang.

**Meteor** kënnt aus dem Griicheschen a bedeit: „wat an der Loft schwieft“. Bekannte Meteorstréim sinn de Perseiden-Meteorstrom vum 27. Juli bis 24. August an de Leoniden-Meteorstrom vum 14. November bis 21. November